ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 23. Abrëll 2021

Här President,
sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden mir lech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Gesondheetsminister weiderzeleeden.

An engem rezenten Artikel aus dem *Télécran* geet ervir, datt déi meescht Neiinfektioune mam Covid-Virus am Süde vu Lëtzebuerg optrieden. Deemno hätten sech tëscht Mëtt Mäerz an Ufank Abrëll am Kanton Esch 1947 Persoune mam Virus ugestach, wärend sech am Kanton Lëtzebuerg iwwert dee selwechten Zäitraum "just" 1062 Persoune mam Covid-Virus ugestach hunn.

An deem Kontext hätte mir folgend Froen un d'Madamm Gesondheetsminister:

1. Ass sech d'Regierung bewosst, datt d'Zuelen am Süde vum Land substantiell méi héich sinn, ewéi am Rescht vum Land?
2. Wa jo, wéi erkläert sech d'Regierung déi héich Zuel un Neiinfektiounen am Süde vum Land? Wat sinn d'Ursaachen, déi heifir verantwortlech sinn?
3. Wéi gedenkt d'Regierung dësem negativen Trend vun Neiinfektiounen am Süde vum Land entgéintzewierken?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten

Jeff Engelen
Deputéierten